



N°1529
Entrée le 18.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.11.2024
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/11/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Justiz weiderzeleeden.

Op der Plattform Blocktrainer.de ass ze liesen, dass Däitschland tëschent Juni a Juli 2024 ronn 50000 BTC (Bitcoin-Unitéiten) verkaf huet, déi se am Kader vun engem Strofprozess géint d'Streaming-Plattform *movie2k* konfiszéiert hat. Dës 50000 BTC goufe fir ronn 2,5 Milliarden Euro verkaf, mee wäeren elo ronn 4,3 Milliarden Euro wäert (+65%), wann d'Regierung sech net fir ee Verkaf entscheet hätt.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill BTC sinn aktuell am Besëtz vum Lëtzebuenger Staat a wat ass de Wäert vun dësen um haitegen Dag?
2. Wéi eng aner Kryptowärungen sinn nach am Besëtz vum Staat a wat ass de Wäert vun dësen (um haitegen Datum?)
3. Wéi eng a wéi vill Kryptowärungen ginn aktuell beim Bureau de Gestion des Avoirs vum Staat verwalt a wat ass den EURO-Wäert dovunner?
4. Wéi vill a wéi eng Kryptowärungen goufen an de leschte Joren zu Lëtzebuerg verkaf a wéi vill Euro sinn domadder an d'Staatskeesen gefloss (opgelëscht pro Joer) ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten



www.piraten.lu